LU

Den IKI an ech

Immateriellt Kulturierwen zu Lëtzebuerg



Hiewanekonscht

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

Immateriellt Kulturierwen
zu Lëtzebuerg

SCRIPT
Service de Coordination de la Recherche
et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

IMPRESSUM

Titre : Den IKI an ech | Hiewanekonscht

Élaboré par la Division de l'innovation pédagogique et technologique.

Contenus et concept didactique pour l'enseignement au Grand-Duché de Luxembourg.

SCRIPT
Service de Coordination de la Recherche
et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

Éditeur :

Service de Coordination de la Recherche
et de l'Innovation pédagogiques et technologiques, SCRIPT
33, Rives de Clausen
L-2165 Luxembourg
secretariat@script.lu

Réalisation / Conception : SCRIPT

Photo de couverture : Théo Mey, 1961

© 2025 SCRIPT | Tous droits réservés

Inhaltsverzeechnes

1. Immateriellt Kulturierwen zu Lëtzebuerg 4

Wat ass immateriellt Kulturierwen? 4

Mam Nohaltegkeetskompass schaffen 7

2. D'Hiewanekonscht 8

3. De Beruff vun der Hiewan 12

4. D'Roll vun enger Hiewan 13

5. D'Hiewanekonscht: en immateriellt Kulturierwe 15

Zousazmaterial 16

Kontakt 18

Wat ass immateriellt Kulturierwen?

Immateriellt Kulturierwe gëtt och „liewegt Kulturierwe“ genannt. Et ass en lerwe vun onse Virfaren. Mir ginn et un ons Nokomme weider. Dat ëmfaasst zum Beispill Geschichten, Musek, Dänz, Feieren, Wëssen iwwert d'Natur a Fäegkeete wéi d'Handwierk. D'lerwe verännert sech dauernd, well et vun enger Generatioun un déi nächst weidergi gëtt. Sou entwéckelt et sech ëmmer weider a passt sech un.

Dat liewegt Kulturierwen ass wichteg, well et de Mënschen hëlleft, sech mat hirer Geschicht an hirer Kultur verbonnen ze fillen. Et kann och hëllefen, Gemeinschaften zesummenzehalen a de Respekt vu kulturellen Ënnerscheeder an d'Kreativitéit vun de Mënschen ze förderen. Wann een d'Kulturierwe schützt, kann een och dozou bäidroen, eng staark, friddlech a vilfälteg Gesellschaft opzebauen.

Zu Lëtzebuerg gëtt dat liewegt Kulturierwen op eng **Lëscht** gesat, fir dass d'Mënschen et kennen a sech driwwer freeë kënnen.

Et gëtt och dat „materiellt Kulturierwe“, wéi zum Beispill d'Alstad vu Lëtzebuerg. Dëst Kulturierwe spillt eng wichteg Roll an der Geschicht an an der Kultur. Dofir gëtt et geschützt, gefleegt a fir d'Ëffentlechkeet zougänglech gemaach.

www.iki.lu

Aufgab

Géi op d'Säit **www.iki.lu**. Et gi 5 Kategorië vun immaterielle Kulturierwen. A wéi eng Kategorie passen déi folgend Kulturierwen?

Mëndlech Iwwerliwwerungen an Ausdrucksweisen	
Kënschtleresch Ausdrucksforme viru Publikum	
Gesellschaftlech Gebräicher, Riten, a Festlechkeeten	
Wëssensschätz a Gebräicher, déi d'Natur an den Universum betreffen	
Fäerdegkeete vum traditionellen Handwierk	

D'lechternacher Sprangprëssessioun

D'Haus- a Flouernimm

D'Schueberfouer

Lëtzebuerger Volleksdänz

D'Éimaischen

Léiffrawëschdag

D'Oktave

Fléizen

Niklosdag

Wanderschéiferei

D'Konscht vun den Haupeschbléiser

Klibbere goen

D'Konscht vum Dréchemauerbauen

Bäerbelendag

D'Hiewanskonscht

1. IMMATERIELLT KULTURIERWEN ZU LËTZEBUERG

Wat sinn d'**Ënnerscheeder** tëschent **immateriellem** a **materiellem Kulturierwen**?

Nenn **3** materiell **Kulturierwe weltwäit**!

1. A wéi wäit ka sech en immateriellt Kulturierwe veränneren a sech der aktueller Gesellschaft upassen? Nenn e passend Beispill!

2. Firwat ass et (net) wichteg, dat immateriellt Kulturierwen ze schützen? Begrënn deng Meenung!

3. Wéi kann dat immateriellt Kulturierwe geschützt ginn? Wat kanns du konkret maachen?

Mam Nohaltegkeets-kompass schaffen

De Kompass ass an der Annex

1

Nodeems dir iech an der Klass intensiv mam immaterielle Kulturierwen auserneegesat hutt, kënnt dir elo är Diskussioune verdéiwen an iech mam Nohaltegkeetskompass beschäftegen.

2

Setzt iech dofir a klenge Gruppen zesummen. Kuckt iech den Nohaltegkeets-kompass zesummen un a sicht iech zwee oder dräi Theemen eraus, déi iech interesséieren an déi dir méi genau ënnert d'Lupp wëllt huelen.

3

Versicht dann, dës Froen am Hibléck op dat Kulturierwen, wat dir grad beschwat hutt, ze beäntwerten. Stellt är Resultater duerno der Klass vir a vergläicht oder diskutéiert är Iwwerleeungen.

1. **Wouhier** kënnt den Numm **"Hiewan"?**

"Hiewan" am Lëtzebuergesche besteet aus dem Verb "hiewen" an dem algermanesche Wuert "ana" fir 'Ahnin' resp. 'al Fra'. D'Wuert bezeechent also eng al Fra déi eppes hieft. D'Wuert get keng weider Erklärung iwwert d'Gebraicher ronderem d'Gebuert. Wéi een op ale Fotoe ka gesinn, gouf et zu Lëtzebuerg de Brauch, datt et d'Hiewan war, déi de Puppelchen bai der Daf ugehalen huet.

Aufgab:
Beäntwert dës Froen:

1. Wéi heescht de Beruff op **Franséisch**, **Däitsch** an **Englesch**?

2. Maach eng **Recherche am Internet** a fann eraus, wou den Numm an de **verschiddene Sproochen** hierkënnt.

3. Wéi heescht **"Hiewan" an anere Sproochen déi s Du kenns**?

Aufgab

4 Wéi heescht de Beruff, wann e **vun engem Mann** ausgeüübt gëtt?

5 Wéi eng **Qualitéite** muss een hunn, **fir Hiewan kënnen ze ginn**?

Foto: Théo Mey 1959

Bai der Kanddaf, huet d'Hiewan de Puppelchen ugehal

2. Wat huet d'**Hiewanekonscht** mam **Sokrates** ze dinn?

De Sokrates war e griichesche Philosoph, deen am 5. Joerhonnert viru Christus ze Athen gelieft huet. Seng Mamm war Hiewan. De Platon war dem Sokrates säi Schüler an hien huet dem Sokrates seng Method fir Dialogen ze féieren, "Mäeutik" genannt. Mäeutik ass e griichescht Wuert an heescht "Hiewanekonscht".

De Sokrates huet behaapt, dass hien duerch eng Dialogtechnik, sengem Gespréichspartner konnt dobäi hëllefen, selwer Gedanken op d'Welt ze bréngen, well d'Wëssen oder d'Äntwerten op vill Froen am Mënsch selwer zanter éiwegen Zäiten dra sinn. Hien war also souzesoe wéi eng Hiewan, well hie selwer keng nei Erkenntnisser op d'Welt bruecht huet, mä deenen Aneren dobäi gehollef huet, Wouerechten ze formuléieren, déi si schonns ëmmer a sech gedroen hunn.

Och haut nach gëtt d'Mäeutik gäre genotzt, z. B. an der Gespréichsféierung. Hei e Beispill wéi esou en Dialog kéint ausgesinn:

A Ech wäert mäi Premièresexamen net packen.

B Wat ass de Beweis, dass Du Däin Examen net wär s packen?

A Ech hunn d'Gefill, datt ech mir näischt mierke kann an alles direkt vergiessen, wat ech geléiert hunn.

B Ginn et nach aner Beweiser, datt s Du et net packen kanns?

A Wann ech mech dohinner sëtze fir ze léieren, da sinn ech ëmmer sou séier ofgelenkt. Ech fille mech wierklech domm.

B Ginn et da Beweiser, datt s Du et packen kanns?

A Eigentlech hat ech am leschten Trimester keng Datzen an ech hunn all Joer gepackt, ouni ze kompenséieren.

B Wat wier dann schlëmm dorunner, wann s Du den Examen net packe géifs?

Aufgab

A Ech géif mech schlecht fillen an ech misst mäi Schouljoer widderhuelen.

B A géifs Du dat iwwerliewen?

A Jo, natierlech.

B Wat géif da geschéien, wann s Du Dengem éischte Gedanken "Ech wäert mäin Examen net packen." einfach net gleefs?

A Ech kéint mir méi zoutraue wéi elo. An da wier ech vläicht och net esou opgereegt a kéint mech besser konzentréieren. Dann hätt ech och méi Chancen, et ze packen.

Aufgab:
Beäntwert dës Froen:

Wie benotzt d'Mäeutik als Method fir d'Gespréichsféierung: den **A** oder de **B**?

A ☐ B ☐

Wéi leet hien sech do un?

Foto: Théo Mey 1961

3. DE BERUFF VUN DER HIEWAN

Eng Hiewan ass eng Persoun, déi d'Elteren begleet, wann hiert Kand op d'Welt kënnt. Si betreit d'Mamm wärend hirer Schwangerschaft, wärend der Gebuert an och duerno, wann de Puppelchen do ass. D'Hiewan hëlleft awer och der Famill a weist, wat hir Roll an der Schwangerschaft, der Gebuert an dem Opwuesse vum Puppelchen ass.

D'Hiewane maache Kontrollvisiten, gi Rotschléi, bidden Hëllef un, oder hale Virbereedungscoursë fir d'Gebuert.

Wärend der Gebuert begleeden Hiewannen d'Mamm mat Rou an Erfarung, iwwerwaachen de Verlaf, bidden Ënnerstëtzung a suergen dofir, datt Mamm a Kand sech sécher a wuel fillen. Och no der Gebuert, bleiwe si eng wichteg Betreiungspersoun fir d'Fraen, déi hire Puppelche wëllen nieren, oder fir d'Koppelen, déi sech dofir entscheeden, hirem Kand d'Fläsch ze ginn. D'Hiewan kann och reegelméisseg no der Famill kucke kommen an beréit se, fir datt et jidderengem, an där neier Situatioun, sou gutt wéi méiglech geet.

D'Hiewan beréit awer och d'Persoune déi een Kannerwonsch hunn. Si beréit och bei alle Froe ronderëm déi affektiv a sexuell Gesondheet sowéi iwwert d'Verhütung.

De Beruff vun der Hiewan ass ee vun den eelste Fraeberuffer. Haut kënnen och Männer Hiewan ginn. Et war net ëmmer ee Beruff. Fréier hunn déi erfuere Fraen aus der Famill oder der Noperschaft bei de Gebuerten doheem gehollef, well net ëmmer eng ausgebilten Hiewan an der Géigend war. Bal alleguerten d'Gebuerten hunn doheem stattfonnt.

Am Joer 1877 ass déi éischt Maternité mat ugeschlossener staatlecher Hiewaneschoul am Pafendall, engem Faubourg vun der Stad Lëtzebuerg, entstanen. D'Maternité Grande-Duchesse Charlotte an der Gemeng Lëtzebuerg ass 1936 opgaangen, an 1956 koum d'Clinique Dr Bohler dobäi. Och soss am Land gouf et scho virun de 1960er Jore Maternitéë, wou d'Fraen hir Kanner konnten op d'Welt bréngen, entweder mat enger Hiewan mat e puer Better oder un eng lokal Klinick ugeschloss. An den 1960er Joren hunn d'Gebuerten ëmmer méi an de Klinicke stattfonnt, an d'Unzuel vun de Gebuerten doheem si staark zeréckgaangen.

Vun 2025 u kann den Hiewaneberuff ze Lëtzebuerg iwwer e Bachelor-Studium op der Universitéit geléiert ginn. Nom Ofschloss vum Bachelor-Studium besteet nach d'Méiglechkeet, e Master oder souguer en Doktorat ze maachen a sech an d'Fuerschung am Beräich vun der Hiewanekonscht an der Fraegesondheet ze spezialiséieren.

Hautzedaags kann eng Hiewan ënnert aneren an enger Maternité schaffen, oder och selbstständeg als fräischaffend Hiewan an hirer Praxis a bei de Leit doheem.

Foto: B. Kutter. Maternité Grande-Duchesse Charlotte, Luxembourg, 1936.

4. D'ROLL VUN ENGER HIEWAN: ENG WICHTEG BEGLEEDUNG BEIM START AN D'LIEWEN

Wann e Kand op d'Welt kënnt, ass dat eppes ganz Besonnesches an dach ganz Natierleches. D'Hiewan spillt dobäi eng extrem wichteg Roll, well si d'Koppel wärend der Schwangerschaft, bei der Gebuert an och an der Zäit dono begleet. Eng Hiewan huet vill Erfarung a Kenntnisser, déi der Mamm an der Famill hëllefen, dëse wichtege Moment sou angeneem a sécher wéi méiglech ze maachen.

D'Hiewan notzt hir Sënner, hir Hänn an hir Erfarung, fir d'Gebuert ze iwwerwaachen an ze ënnerstëtzen. Zum Beispill kann si duerch d'Oftaaschte vum Bauch feststellen, wéi d'Kand läit oder wéi grouss et ass. Mat engem spezielle Stethoskop ka si d'Häerztéin vum Puppelchen oflauschteren. Hiewanen an Doktere schaffen zesummen, fir der Mamm an dem Kand déi beschtméiglech Betreiung ze bidden, jidderee mat sengen eegene Kompetenzen.

An Europa kommen déi meescht Kanner an enger Klinick op d'Welt. An enger Maternité ass ëmmer eng Hiewan do, déi d'Mamm ënnerstëtzt a betreit, an et ass och ëmmer en Dokter do, falls et néideg ass, méi medezinesch Hëllef ze kréien.

Zesumme suergen d'Hiewan an d'Doktere fir eng ëmfaassend Betreiung vun der Mamm an dem Kand.

An enger Klinick gëtt et verschidde Méiglechkeeten, fir de Wéi ze reduzéieren, wéi zum Beispill Bewegung, Massagen, Duschen, Bidden oder d'Periduralanästhesie. Dobäi gëtt e Medikament an de Réck gesprëtzt, fir de Wéi wärend der Gebuert ze erliichteren.

Fir verschidde Familljen ass et awer och eng Optioun, hiert Kand doheem op d'Welt ze bréngen, wa verschidde Krittären erfëllt sinn.

Fir d'Koppel an d'Kand kann eng Hausgebuert eng schéin a perséinlech Erfarung sinn. D'Hiewan ass dobäi déi Persoun, déi d'Mamm an hire Puppelchen duerch dëse Prozess féiert an alles mécht, fir datt d'Gebuert sou gutt wéi méiglech verleeft.

D'Weltgesondheetsorganisatioun (WHO) huet ënnerstrach, wéi wichteg et ass, datt ëmmer eng Hiewan bei der Gebuert derbäi ass. Eng Hiewan suergt net nëmmen dofir, datt de ganze kierperleche Prozess gutt ofleeft, mee se hëlleft der Mamm och emotional. Et ass wichteg, datt d'Fraen sech bei der Gebuert wuel a sécher fillen, an datt se informéiert entscheede kënnen. D'Hiewan suergt dofir, datt d'Fra sech net eleng fillt an ëmmer ënnerstëtzt gëtt.

An de leschte Jore sinn d'Gebuerte méi "medikaliséiert" ginn, dat heescht, datt ëmmer méi Medikamenter oder Interventioune benotzt ginn. Dofir ass et besonnesch wichteg, eng Hiewan dobäi ze hunn, déi genau weess, wat d'Famill brauch an déi d'Gebuert esou natierlech wéi méiglech maache kann.

Hiewan ze sinn ass méi wéi nëmmen e Beruff - et ass eng besonnesch Aufgab, déi mat vill Häerzblutt an Engagement ausgeféiert gëtt. D'Hiewan dierf d'Fraen an d'Familljen sou gutt wéi méiglech an dëser spannender Liewensphas begleeden - an dat mécht de Beruff sou besonnesch.

Foto: Pulsa, 2025

4. D'ROLL VUN ENGER HIEWAN: ENG WICHTEG BEGLEEDUNG BEIM START AN D'LIEWEN

Aufgab

Aufgab:
Beäntwert dës Froen:

1. Wéi eng **Sënner** brauch d'Hiewan bei enger **Gebuert**?

2. Firwaat hunn ëmmer méi **Gebuerten an der Klinicke** statt fonnt?

3. Firwat mengs Du, recommandéiert d'WHO, **datt bei der Gebuert ëmmer soll eng Hiewan dobäi sinn**?

Diskutéiert doriwwer, wat **fir oder géint eng Hausgebuert** schwätzt.

5. D'HIEWANEKONSCHT: EN IMMATERIELLT KULTURIERWE

D'Hiewane verfügen iwwer e speziellt Wëssen, dat hire Beruff auszeechent. Well d'Wësse vun den Hiewanen niewent dem medezinesche Fachwëssen och op traditionellen a praktesche Fäegkeeten a Kenntnisser berout, gëtt et als immateriellt Kulturierwen unerkannt. Dës praktesch Fäegkeeten, wéi d'Oftaaschte vum Bauch, d'Kontroll vun den Häerztéin, sinn e Kärdeel vun der Hiewanekonscht.

Dat grondleeënd Wëssen a Kënnen vun Hiewanen ass op der ganzer Welt änlech, obwuel et vill regional a kulturell Ënnerscheeder ginn. Den Hiewanen hiert Wëssen a Kënnen gouf iwwer Joerhonnerten, vu Generatioun zu Generatioun, weiderginn a weiderentwéckelt. Doduerch ass d'Hiewanekonscht weltwäit en Deel vun der Traditioun an der Geschicht vun der Mënschheet.

D'Gebuert vun engem Kand ass an all Liewen e Schlësselmoment. Iwwerall op der Welt sinn d'Hiewanen do, fir d'Fraen ze begleeden a Familljen z'ënnerstëtzen. Iwwerall do wou si Frae begleeden, suergen si och dofir dass d'Mamm an d'Kand eng mënschewierdeg Gebuert erliewen. Hier Aarbecht schützt deemno grondleeënd Mënscherechter, virun allem awer d'Rechter vun de Fraen an de Kanner.

Am Dezember 2023 huet d'UNESCO d'Hiewanekonscht op d'Repräsentativlëscht vum immaterielle Kulturierwe vun der Mënschheet ageschriwwen. Esou ass déi Joerhonnerten al Konscht mat hirem Wësse gewierdegt an unerkannt ginn.

Aufgab

Stell Dir vir, Du bass eng Hiewan. Op eemol soll am Parlament e Gesetz gestëmmt ginn, dat den Hiewane verbitt, hir Aarbecht an de Klinicken ze maachen, well just nach Dokteren dierfe bei der Gebuert dobäi sinn.

Wéi eng Argumenter benotzt Du, fir d'Parlamentarier **z'iwwerzeegen**, dat Gesetz net ze stëmmen? Denk drun, dat d'Dokteren an d'Hiewanen am beschten ëmmer zesummeschaffe sollen.

Immateriellt Kulturierwen – Nohaltegkeetskompass

Dréck de Kompass op festem Pabeier eraus, schneit en der gestréchelter Linn no aus an heft déi zwee Kreesser mat enger Musterklamer uneneen

Dësen Nohaltegkeetskompass gouf am Kader vum Projet „*NORTHERN DIMENSION PARTNERSHIP ON CULTURE: CREATING NEW PRACTICES OF SUSTAINABILITY – CROSS-SECTORIAL CREATIVITY IN THE ERA OF CLIMATE CHANGE*" (Kulturpartnerschaft am Norden: nei Praktike vun Nohaltegkeet schafen – secteuriwwergräifend Kreativitéit am Zäitalter vum Klimawandel) entwéckelt als kreativ Äntwert, fir d'nohalteg Entwécklung ze ënnerstëtzen an de gesellschaftlechen Diskurs duerch Konscht a Kultur an eng ekologesch-sozial, wirtschaftlech a kulturell Richtung ze entwéckelen.
Dëse Kompass ass och Deel vun der Ëmsetzung vun der UNESCO-Konventioun fir d'Erhale vum immaterielle Kulturierwen a Finnland an an allen anere Länner op der Welt, déi matmaache wëllen! Aarbechtsgrupp: Leena Marsio, Katriina Siivonen, Aura Seikkula, Vesa Purokuru, Ira Vihreälehto, Antti Huntus, Hanna Lämsä, Matti Hakamäki. Grafesch Elementer: Christian Saldert. Layout: Jani Korkiakangas. Urspréinglecht Konzept (Kysyvä Kompassi): Antti Huntus & Vesa Purokuru. Iwwersetzung op Lëtzebuergesch: Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch (ZLS) an Zesummenaarbecht mam Patrick Dondelinger. **CC BY 4.0**

Méi Informatiounen: leena.marsio@museovirasto.fi • antti.huntus@taike.fi • tomi.aho@taike.fi

NDPC Northern Dimension Partnership on Culture
Museovirasto Finnish Heritage Agency
Ministry of Education and Culture
Arts Promotion Centre Finland

Immateriellt Kulturierwen – Nohaltegkeetskompass

Dréck de Kompass op festem Pabeier eraus, schneit en der gestréchelter Linn no aus an heft déi zwee Kreesser mat enger Musterklamer uneneen



NDPC Northern Dimension Partnership on Culture
Museovirasto Finnish Heritage Agency
Ministry of Education and Culture
Arts Promotion Centre Finland

SCRIPT

Service de Coordination de la Recherche
et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

Service de Coordination de la Recherche
et de l'Innovation pédagogiques et technologiques, SCRIPT

33, Rives de Clausen
L-2165 Luxembourg
secretariat@script.lu

www.script.lu

© 2025, SCRIPT | Tous droits réservés